Text: Simone Beck

Duerch d'Liewen ouni Schréip[1]

De Pe'l Schlechter gëtt mat 102 Joer e Buch eraus.

Et spiert een eng déif Dankbarkeet vis-à-vis vum Liewen a virun allem vis-à-vis vu senger Mamm, wann een de Pe'l Schlechter héiert erzielen. Hien ass als jéngst vu 5 Kanner zwee Joer al, wéi säi Papp, de Schrëftsteller Demy Schlechter, un enger Longenentzündung stierft, déi hien sech bei der Aweiung vun der Gëlle Fra 1923 zougezunn hat. „Wann ech u meng Mamm denken", seet de Pe'l Schlechter, „dinn ech nach haut meng Kap of". Si huet – mat der finanzieller Hëllef vun hirer Schwester, der Tata Wirsch, där hier schéi Wueden de Poutty Stein beséngt an déi am Kleedergeschäft, Brasseur geschafft huet, d'Famill iwwer Waasser gehalen. Si krute Stoftreschter geschenkt, aus denen d'Schneideren zu nidderegen Tariffer Kleeder fir d'Kanner gemaach hunn. Duerch e Monni, dee bei enger Verwaltung geschafft huet, si bei Sammelbestellunge fir de Staat och heiansdo Hefter a Bläistëfter fir d'Schlechtesch-Kanner ofgefall. Och huet de Lampertsbierger Metzler Schaber munchmol Fleesch gestëft. Zesumme mam Lucien Koenig, dem „Siggy vu Lëtzebuerg", hat den Demy Schlechter d'Nikloswierk gegrënnt, dat de Kleesche spéider och bei de Pe'l a séng Geschwëster geschéckt huet. Duerch dës Generositéit a Solidaritéit ass et der Mamm gelongen, déi fënnef Kanner iwwer de Bierg ze bréngen. Einfach kann dat trotzdeem net gewiescht sinn.

Am Kolléisch, wou hie vun 1933 bis 1937 war, krut de Pe'l Schlechter de Minerval nogelooss. Vun 1937 bis 1939 ass hien dunn an d'Handwierkerschoul gaang, wou hien – schonn ëmmer begeeschtert vum Zeechnen – technesch Zeechne geléiert huet. Hien huet du bei verschiddenen Architekte geschafft, bis en am Zweete Weltkrich fir d'éischt an den Aarbechtsdéngscht geschéckt gouf, an dunn an d'Wehrmacht agezu gouf. Hie war an Ostdäitschland an a Polen am Asaz, an zwar – wéinst sengem Talent als techneschen Zeechner – op Flughäfe vun der Arméi. Do huet hie misse Buschtawen op d'Fligere molen an hëllefen, d'Fligeren ze flécken, respektiv ze verschrotten. „Ech hat awer vun Ufank u wëlles unzedrécken", seet hien, an de jonken Zwangsrekrutéierten hat dat gutt virbereet. Doheem hat hien e Pak mat Zivilkleeder prett leien a mat senger Mamm ausgemaach, si sollt him déi noschécken, wann si e bestëmmte Message kréich. Hie gëtt mat senge Komeroden op Stroossbuerg verluecht, wou e Cousin vu sénger Mamm e Café hat. Dohinner léisst hie sech säi Pak mat Zivilkleedung schécken, deen hien allerdéngs eréischt erreecht, wann d'Camione vun der Wehrmacht scho geluede si fir fort. Si koumen an eng grouss Kasär an Norddäitschland, wou hien sech mat engem flämeschen Ënneroffizéier ugefrënnt huet, deen och net fräiwëlleg an der Uniform war. Wéi den Zuch duerch Holland fiert, setzen si sech of. De Pe'l Schlechter huet och do eng grouss Solidaritéit an e grousse Courage kënnen erliewe vun all deene Familljen, déi hie verstoppt hunn. Hie souz méintlaang um 1. Stack, wou ënnenan däitsch Offizéier aquartéiert waren an huet mat Hëllef vun enger Editioun vum Eulenspiegel hollännesch geléiert.

Nom Krich schafft de Pe'l Schlechter weider bei Architekten a mécht schliisslech säin eegene Grafikatelier an der Aldréngerstrooss op, deen hien 10 Joer laang bedriwwen huet. Vun 1972 bis 1986 huet hien d'technesch Servicer vun de Foires Internationales geleet, wou hien och den Hausgrafiker war. Vill Lieser erënneren sech nach u seng Plakater fir d'FIL oder Nationallotterie. Seng Grafike fënnt een och op den Deckele vu Wierker vun der Lëtzebuerger Literatur vun Dicks bis Auguste Liesch. Eng besonnesch Virléift huet hie fir Ex Libris, esou wéi e Buch mat 100 vun him gezeechente Vignetten et

De Pe'l Schlechter am Januar 2024.

© Vic Fischbach

© Reproduction: Vic Fischbach

beweist. 1997 an 2019 ass - an Zesummenaarbecht mam Henri Hanlet - de *Répertoire de l'ex-libris luxembourgeois des origines à nos jours* (1997 an 2019) erauskomm. De Pe'l Schlechter war och jorelaang Karikaturist a Layouter beim Lëtzebuerger Land a bei der Revue.

Awer hien illustréiert net nuren aneren Auteuren hier Wierker, hie schreift selwer fir Kanner an Erwuessener: Geschichten (*De Struwwelpéiter*, 1980), Comics (*De Bim an de Jopi*, 1993), Gedichter, Hörspiller (*Déi vum anere Stär*) a Mémoiren.[2] 2012 kënnt *De Pol muss an de Krich – Erënnerungen an Niewesaachen* eraus an dat Joer dono *Wéini kënnt Fréier erëm?* iwwer déi Zäit virum Krich. Dat Fréier, an deem jo bekanntlech alles besser war ... Déi zwee Wierker erschéngen an den Éditions Binsfeld ewéi och *Einfach esou – e Grapp erfonnte Geschichten*, dat dëst Joer erauskoum.

Haut wunnt de Pe'l Schlechter net méi um Lampertsbierg, wou hien 100 Joer vu sengem Liewe verbruecht huet, awer am Konviktsgaart, wou hie säi Büro aus der Pasteur-Strooss konnt mathuelen. Mir freeën eis schonn elo op säin nächst Buch!

Bibliographie

1 Ausso vum Pe'l Schlechter am Interview mam Christiane Kremer bei der Geleeënheet vu sengem 100. Gebuertsdag op RTL den 20.04.2021 (https://www.rtl.lu/video/3242185)

2 Muller Roger/Kremer Claude: Pe'l Schlechter. Unter: www.autorenlexikon.lu, aktualiséiert den 20.12.2023, agesinn den 29.01.2024

Simone Beck

ass Presidentin vun der Lëtzebuerger UNESCO-Kommissioun a Coordinatrice vun "ons stad".